



Den 22. Mäerz 2023 war ëm 13:30 Auer déi drëtt ëffentlech Gemengerotssitzung fir dëst Joer.

**1. Avis sur le classement comme patrimoine culturel national d'une ferme**

De Gemengerot huet e positiven Avis zur Proposition vum der Kulturministesch Sam Tanson ofginn, fir den Haff « A Kréisch » (4-6 rue de Reckange) als nationalt Denkmal ze klasséieren. D'Initiativ goung vum Proprietär selwer aus. Dat eelste Gebai ass aus dem Joer 1783.

**2. Approbation du contrat de bail**

E puer Parzellen (am Ganzen 31 Zentiar) ginn un den Nopeschproprietär, d'Madame Nadine Schummer, an der Rue de Reckange fir e järeleche Pachtpräis vun 10 Euro verlount.

**3. Approbation d'un compromis de vente**

D'Gemeng keeft fir de Präis vun 1.190.000 d'Haus (zesumme mam 9,10 Ar groussen Terrain) op 20 rue des Moulins. Iwwer dësen Terrain sollen d'Uschlëss fir d'Containere geluecht ginn, déi bái der Parkplaz vum Musekshaus opgestallt ginn. Och gëtt hei e Fousswee ugeluecht, esou datt fir d'Schoukanner de Wee vum der Hängebréck erop bei d'Musekshaus méi kuerz gëtt. Fir d'Haus huet d'Gemeng nach keng direkt Verwendung, mee de Schäfferot kann sech virstellen, fir dëst Haus an engem spéideren Tauschakt ze notzen.

Eise Conseiller Christian Hoscheid huet ervirgestrach, datt et schonns à première vue komesch ausgesäit, wa fir de geplangten Ëmbau vum der Primärschoul (15,5 Milliounen Euro) zousätzlech en Haus kaaft muss ginn.

Eis Conseillère Joëlle Fagny huet bedauert, datt de Schäfferot nëmme lues a lues mat Elementer fir hiert Konzept vum de Schoulinfrastrukturen erausréckelt. Et wier net normal, datt d'Gemengeréit an enger Elterevertriedung eppes gewuer géife ginn. Et wier och bosseg, wann e Masterplang fir d'Entwécklung vum de Schoulinfrastrukturen an der nächster Sitzung vum der Elterevertriedung soll presentéiert ginn, gläichzäiteg awer mam Ëmbau vum der Schoul schonns éischt Elementer ëmgesat ginn.

Eise Conseiller Frank Clement huet d'Fro opgeworf, ob et net Alternativen zu engem Hauskaf géif ginn, fir d'Leitungen ze leeën. De Buergermeeschter huet gemengt, datt dës Approche méi bëlleeg wier, ewéi d'Rue de la Gare nach eng Kéier frësch opzerappen.

D'CSV-Fraktioun huet géint de Compromis de vente gestëmmt.

**4. Approbation d'un contrat de travail**

De 15. Mäerz 2023 huet de Michel Meurin als neie Gemengenaarbechter ugefaangen.

**5. Approbation d'un devis**

Während dem Schoulëmbau solle 6 Schouklassen um 1. Stack vu Containeren direkt beim Parking hannert dem Musekshaus ënnerkommen. Um Rez-de-chaussée vum dëse Containeren gëtt Plaz fir 40 Klengkanner an eiser Gemengecrèche geschafen. Esou kann einstweilen op de geplangten Ausbau vum der Crèche nieft der Kierch verzichten ginn, well hei géif et op der enger

Säit schwiereg Oploe vum CGDIS an op der anerer Säit géife Verhandlung mat der Kierchefabrek lafen, vu datt d'Par hir Raimlechkeeten zu Biissen opgëtt.

Gestëmmt gouf en Devis fir 757.655,16 Euro. An dësem Devis ass d'Preparéiere vum Terrain fir d'Containere virgesinn, awer och d'Uleeë vun de Versuergungsleitungen an de Bau vum Fousswee vun der Rue des Moulins erop. Verschidden Ausgabe sinn awer nach net chiffriert, nämlech d'Spillplaz, d'Clôture an d'Miwwelen.

## **6. Adaptations budgétaires**

Am Gemengebudget musse verschidden Upassunge virgeholl ginn. Sou muss d'Gemeng an engem verluerene Prozess 6.930,85 Euro un déi aner Partei iwwerweisen, d'Containere fir d'Schoul a fir d'Crèche kaschten 190.000 Euro an de Kaf vum Haus an der Rue des Moulins muss och am Budget opgeholl ginn (1.190.000 Euro). Dës zousätzlech Ausgabe ginn doduerch géigefinanzéiert, datt en Deel vum geplante Budget fir den Ausbau vun der Crèche nieft der Kierch net gebraucht gëtt (800.000 Euro) an datt de Bau vum neie Waasserbasseng um Jixenhaff wéinst enger feelender Autorisatioun vum Environnement Retard kritt (390.000 Euro).

## **7. Allocation d'un subside extraordinaire**

Fir d'Organisatioun vun engem Camp vun de Jugendpompjeeën zu Äischen kritt d'Fédération régionale des pompiers Centre eng Subventioun vu 500 Euro.

## **8. Approbation de plusieurs décomptes**

*Bau vun enger Spillplaz hannert der Crèche Margréitchen am Joer 2015:*

- Total des devis approuvés:	82.924,92 EUR
- Total de la dépense effectuée:	82.999,80 EUR
- Plus-dépense:	+ 74,88 EUR

*Erneiere vum Fitnessparcours am Gemengebësch Bonnert am Joer 2017*

- Total des devis approuvés:	135.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée:	134.872,72 EUR
- Moins-dépense:	- 127,28 EUR

*Héichwaasserschutzmoossnamen an der Rue des Forges an de Joren 2021 an 2022*

- Total des devis approuvés:	235.560,07 EUR
- Total de la dépense effectuée:	269.371,56 EUR
- Plus-dépense:	+ 33.711,49 EUR
- Subside étatique :	207.899,00 EUR

*Bau vun de Beschweeër an de Joren 2013 bis 2020*

- Total des devis approuvés:	531.974,60 EUR
- Total de la dépense effectuée:	504.868,89 EUR
- Moins-dépense:	- 27.105,71 EUR
- Subsidés étatiques :	240.927,77 EUR